N°1615
Entrée le 17.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro Nr. 1615 vum 2. Dezember 2024 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup an Tom Weidig**

Ech reagéieren op den honorabelen Deputéierten hir Froe mam Verweis op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 8124 an N° 1450, a wéilt nach follgend Prezisioune ginn.

Laut den Informatiounen, déi d'Universitéit Lëtzebuerg dem Ministère fir Fuerschung an Héichschoul zoukomme gelooss huet, engagéiert sech d'Universitéit fir Diversitéit an Inklusivitéit ze promouvéieren, an dat och an der interpersonneller Kommunikatioun tëscht Mataarbechter a Studenten, ouni eng spezifesch Ausdrocksform virzeschreiwen.

Et goufe bis elo keng Bemierkungen oder Suergen, och net iwwer d'Examensresultater, un d'Rektorat oder de Comité pour l'Égalité des genres oder un d'Enseignanten op der Universitéit erugedroen, déi sech op d'Fuerderung oder de Verbuet vun inklusiver Sprooch bezéien, och net am Zesummenhank mat der Commission des litiges.

D'Promotioun vum Gebrauch vun inklusiver Sprooch huet net zum Zil, déi sougenannte "Standardsprooch" ze entwäerten, mee kann dozou bäidroen, d'Schafe vun engem inklusiven Ëmfeld ze ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2024

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN